# De Feierwon

Michel Lentz, 1859

De Feierwon dén as bereet,
E päift durch d'Loft a fort e geet,
Am Dauschen iwer d'Stroos vun Eisen,
An hie geet stolz den Noper weisen,
Dat mir nun och de Wee hu fond,
Zum éiweg grousse Völkerbond,

Refr.: *Kommt hier aus Frankräich, Belgie, Preisen,*
*Mir wellen iech ons Hémecht weisen,*
*Frot dir no alle Säiten hin,*
*Mir welle bleiwe wat mir sin.*
*Frot dir no alle Säiten hin,*
*Wei mir esou zefridde sin.*

Mir hale fest un onser Scholl,
Vu Léift fir d'Land sin d'Hiezer voll;
Wa mir och keng Milliounen zielen,
Dir gëtt ons uechter d'Welt ze wielen;
Mir ruffen all aus engem Monn:
Ke bessert Land beschéngt jo d'Sonn!

An huet dir dann de Wäert erkannt
Vum klenge Lëtzebuerger Land,
An dir musst fort rem vun éis goen,
Da kennt dir an der Heemecht soen:
't ass d'Gréisst net graad, déi d'Glëck bedeit,
Well an deem Land si glecklech Leit!